



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale
et de la Formation professionnelle



INSTITUT NATIONAL
DES LANGUES

**Leitfuedem
fir
Lëtzebuergesch als Friemsprooch
an der Erwuessenebildung**

**A1
Entdeckungs- oder Aféierungsniveau**

Index

- Wat ass en A1?	3
- Virwuert	4
- Zousätzlech Coursinhalter	6
- 1. Deel: A1.1	8
- 2. Deel: A1.2	15
- Ofkierzungen	23

A1

Entdeckungs- oder Aféierungsniveau

Wat ass en A1?

Globalbeschriewung

Ka vertrauten, aldeeglech Ausdréck a ganz einfach Sätz, déi op d'Erféllung vu konkrete Besoinen zilen, verstoen a benotzen.

Ka sech oder aner Persounen virstellen an de Leit Froen zu hirer Persoun stellen – z.B. zu hirem Wunnuert, zu de Leit, déi si kennen oder zu de Saachen, déi hinne gehéieren – a kann op esou Froen äntweren.

Ka sech op einfach Manéier verstänneg, wa seng Gespréichspartner/-inne lues an daitlech schwätzen a bereet si gedëlleg ze lauschten, Feeler z'akzeptéieren an ze hëllefen.¹

Mat engem ofgeschlossenen Niveau A1 soll den Apprenant amstand sinn:

- Einfach Froen iwwert déi eege Persoun, de Wunnuert, him/hir bekannte Persounen a Saachen ze beäntweren an deeër Froen och ze stellen
- Mat einfache Strukturen anzegräifen an ze reagéieren a Beräicher, déi d'Persoun interesséieren oder hir bekannt sinn

Dozou gehéiert och :

- Op eng einfach Aart a Weis gréissen
- Elementar Héiflechkeetsformele gebrauchen a verstoen:
Jo, neen, entschëllegt, wann ech gelift, pardon ...
- Eppes kafen, an enger aldeeglecher Situatioun (mat Gesten)
- Nom Wochendag, der Auerzäit an dem Datum froen
- E Formulaire ausfüllen (Numm, Adress, Nationalitéit, Zivilstand)
- E kuerzen einfachen Text op eng Kaart schreiwen.²

No de Kapitelen 3.3 an 3.6. vum CECR

¹ Europarat/ Rat für kulturelle Zusammenarbeit: „*Gemeinsamer europäischer Referenzrahmen für Sprachen: lernen, lehren, beurteilen*“ Hg. u.a. Goethe-Institut Inter Nationes. – Langenscheidt: Berlin , München, Wien , Zürich, New York 2000 u. 2001 (dt. Fassung) / ISBN 3-468-49469-6, S. 35 ff. (Iwwersetzung : Grupp « Referentiel » CLL / INL)

² Alliance Française : *Référentiel pour le Cadre Européen Commun A1- A2- B1 - B2 - C1 - C2*, - CLE International, 2008 (Iwwersetzung : Grupp « Referentiel » CLL / INL)

Virwuert

Zënter den 90er Jore leeft de Projet vum Europarot de Friemsproochenunterricht europawäit homogen opzebauen an ze glidderen. Mat der Publikatioun vum „CADRE EUROPÉEN COMMUN DE RÉFÉRENCE“ (CECR) am Joer 2000 gouf et dunn en Instrument, wou d’Niveaue fir déi verschidde sproochlech Kompetenze beschriwwe sinn. D’Ziler vum Kader sinn europawäit Eenheetlechkeet a Koordinatioun am Apprentissage an Enseignement vun alle Sproochen an Transparenz an der Evaluatioun an Zertifikatioun vun de Friemsproochen z’erméiglechen.³

Dëse Classeur gouf konzipéiert fir de Lëtzebuergesch-Enseignanten d’ Niveaue vum Kader méi no ze bréngen. En enthält zwee vunenaner ofgesaten, komplementär Segmenter, de **Leitfuedem** an d’**Kannbeschreibungen**.

De Leitfuedem fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch an der Erwuessenebildung ass als konkret Hëllefsmëttel fir de Cours opzebaue konzipéiert. Hei fënnt den Enseignant/d’-e déi kommunikativ Léierziler fir e bestëmmten Niveau vum CECR, d’Ënnerziler a fir den Niveau A1 an A2 och nach den Hiwäis, wéi e Lexique bzw. wéi eng Grammaire op deem Niveau dem Schüler de Moyen gëtt, fir dat Léierzil z’erreechen.

D’Léierziler kënnen, besonnesch vum Niveau A1.2 un, jee nodeem wéi de Cours opgebaut gëtt, zu verschidde Zäiten am Cours agesat ginn.

Elementer, déi schonn eng Kéier an engem bestëmmte Léierzil ernimmt gi sinn, ginn am Folgenden an der Lëscht net méi explizit widderholl.

Déi eenzel Kapitele vum Leitfuedem enthalte Verweiser op d’**Kannbeschreibungen**. Am Ënnerscheid zum Leitfuedem gëtt an de Kannbeschreibungen vun engem Niveau all Kompetenz an engem eegene Kapitel separat beschriwwen. (Héiervirstoen, mëndlechen Ausdrock-Interaktioun, mëndlechen Ausdrock (Monolog), Liesverstoen a schrëftlechen Ausdrock)

Hei kann den Enseignant/d’-e noliesen, wat den Apprenant muss sproochlech beherrschen, fir den Niveau A1 an enger bestëmmter Kompetenz, z.B. am Mëndlechen Ausdrock, z’erreechen. Fir méi däitlech ze maachen, wat fir e sproochlechen Niveau erwaart gëtt, si bei deene mëndleche Kompetenzen d’sproochlech Handlungen duerch Beispillsätz illustréiert.

Hei fënnt een zousätzlech och weider Textzorten oder konkret sproochlech Aufgabe fir de Cours ze plangen.

Duerch déi speziell sproochlech Situatioun zu Lëtzebuerg - mat dräi Landessproochen - gëtt den Apprenant a sengem Alldag manner mat Lëtzebuergesch als Schrëftsprooch konfrontéiert (z. B. Press, literaresch Wierker, Filmer, Serien op der Tëlee, Schëlde sinn an der Majoritéit an anere Sprooche gehalen). Dofir ass d’Schreifkompetenz zwar e wichtegt didaktescht Mëttel, fir eis Sprooch ze léieren, mä si wäert an der Regel net deeselwechte Stelleväert anhuele wéi an anere Länner, wou den Apprenant mat der Landessprooch op Schrëtt an Trëtt konfrontéiert gëtt.

Am Niveau A1 an A2 muss och nach kee besonnesche Wäert op d’Orthographie geluecht ginn.

Den A1 ass an 2 Deeler opgedeelt:

A1.1 ca. 60 Stonnen

A1.2 ca. 60 Stonnen

A1 (komplett) ca. 120 Stonnen

³ Europarat/ Rat für kulturelle Zusammenarbeit: „**Gemeinsamer europäischer Referenzrahmen für Sprachen: lernen, lehren, beurteilen**“ Hg. u.a. Goethe-Institut Inter Nationes. – Langenscheidt: Berlin, München, Wien, Zürich, New York 2000 u. 2001 (dt. Fassung) / ISBN 3-468-49469-6, S. 35 ff. (Iwwersetzung : Grupp « Referentiel » CLL / INL)

D'Vitesse vum Apprentissage hänkt vu ville Facteuren of. Dozou gehéieren d'Mammesprooch, d'Léierkultur, déi verschidde Léiergewunnechten an d'Motivatioun vum Apprenant.

Fir Commentairen, Iddien a Virschléi steet eng E-Mail-Adress zur Verfügung: cecr_lb@insl.lu.

Zousätzlech Coursinhalter:

Hei nach verschidden Elementer, déi successiv an de Cours integréierbar sinn, onofhängeg vun engem bestëmmte Léierzil:

- 1) Instruktiounen am Cours verstoen: *Liest dës Sätz. Schreift op. ...*
- 2) Héiflechkeetsformelen a bestëmmte Situatiounen: *Gudden Appetit! Gesondheet! ...*
- 3) Engem wënschen: *Alles Gudes! Schéi Feierdeeg! ...*
- 4) Sech entschëllegen: *Et deet mer Leed. Entschëllegt! ...*

Situatiounen

Engem Frënd fir de Gebuertsdag wënschen.	(MA/HV)
D'Uweisung vum Proff an der Klass verstoen.	(HV)
Engem Kolleg eng Gléckwonschkaart fir Chrëschttag schreiwen.	(SA/LV)
De Grond vun enger Kaart verstoen (z.B. Hochzäit,.....).	(LV)

Textzorten

Gléckwonschkaarten, Familjenannoncen

Léierziler A1

A1.1

- 1) Op eng ganz einfach Manéier begréissen a Kontakt ophuelen
- 2) Op eng ganz einfach Manéier sech oder eng aner Persoun virstellen
- 3) Op eng ganz einfach Manéier Informatiounen zu (s)enger Persoun ginn an duerno froen
- 4) Op eng ganz einfach Manéier eng Persoun oder eng Saach beschreiwen

A1.2

- 5) Op eng ganz einfach Manéier iwwer säi Beruff a säin Alldag schwätzen
- 6) Op eng ganz einfach Manéier vu senger Fräizäit a sengen Aktivitéite schwätzen
- 7) Op eng ganz einfach Manéier e Wonsch ausdrécken an no Informatiounen froen
- 8) Op eng ganz einfach Manéier sech anzwuersch erëmfannen

1 Léierzil : Op eng ganz einfach Manéier begréissen a Kontakt ophuelen ⁴

- Kontakt ophuelen
- Awar soen
- Soen/ froen wéi et geet a reagéieren
- Eng Persoun urieden
- Op sech opmierksam maachen
- Zoustëmmen an ofleenen

A Méiglech Situatiounen

Op der Aarbecht d'Kollege begréissen a froen, wéi et hinne geet.	(MA/HV)
Op enger Party bei e Grupp vu Leit dobäi kommen.	(MA/HV)
Verstoen, wann de Speaker op der Tëlee d'Leit begréisst an Äddi seet.	(HV)
Op enger Administratioun eng Persoun urieden.	(MA/HV)
Engem Bekannten eng E-Mail schreiwe fir ze froen, wéi et geet.	(SA/LV)

B Lexique

Uried a Begréissungsformelen:

formell: *Bonjour Madame ...*, *Här ...* *awar*

Wéi geet et Iech? – Merci, an Iech? – Mir geet et gutt.

familiär: *moien, salut, äddi*

Wéi geet et (dir)? – Gutt, an dir?

Dageszäiten:

Gudde Moien, - Mëtteg, - Owend (...)

Héiflechkeetsformelen :

Entschëllegt, Madame ...

C Grammaire

W-Froen: *Wéi geet et?*

du: ... dir / Dir: ... Iech

Héiflechkeetsform

D Textzorten

Dialog, E-Mail

⁴ cf. *lignes directrices lux*. A1.1 S. 2, 4, 5, 6, 7

2. Léierzil : Op eng ganz einfach Manéier sech oder eng aner Persoun virstellen 5

- Säin Numm soen an nom Numm vun enger Persoun froen
- Eppes buschtawéieren oder buschtawéiere loossen
- Seng Nationalitéit soen an eng Persoun duerno froen
- Soen/froen, wou een hierkënnt a reagéieren.
- Seng Sprooch(e) soen an duerno froen

A Méiglech Situatiounen

Sech am Lëtzebuergeschcours virstellen.	(MA/HV)
Reagéieren, wann een a Gesellschaft no senger Mammesprooch gefrot gëtt.	(MA/HV)
Verstoen a reagéieren, wann op der Aarbecht eng nei Kollegin virgestallt gëtt.	(MA/HV)
Sech an engem Chat um Internet virstellen.	(SA/LV)

B Lexique

Verben:

heeschen, kommen, schwätzen, buschtawéieren (...)

Alphabet

Héiflechkeetsformelen:

Entschëllegt, ech hunn net verstan. Kënnt Dir dat buschtawéieren, w.e.g.?

Länner

Nationalitéiten

Sproochen

C Grammaire

Numm an Uried mat dem bestëmmten Artikel no: *ech sinn ...*

ech sinn den ..., d'...

Onregelméisseg Verben: *sinn* a *kommen* an alle Persounen am Indicatif Present

Regelméisseg Verben am Indicatif Present

Perséinlech Pronomen:

ech, du, hien, si, hatt, mir, Dir, si

Weiblech a männlech Formen:

Lëtzebuenger/-in

Präpositiounen:

aus/vun

Jo- an Neen-Froen

W-Froen:

Wéi ass Ären Numm? Wéi heeschs du? Vu wou kënns du? Wat fir Sproochen...? (...)

Héiflechkeetsform:

du/Dir

Negatioun:

Ech heeschen net ..., hie kënnt net ...

⁵ cf. *lignes directrices lux.* A1.1 S. 2, 3, 5, 7, 8

N-Regel
Grouss- a Klengschreiwung

D Textzorten

Formulaire, Kaart, Dialog, Chat um Internet, E-Mail

3. Léierzil : Op eng ganz einfach Manéier Informatiounen zu (s)enger Persoun ginn an duerno froen ⁶

- (S)eng E-Mailsadress soen oder froen an notéieren
- (S)eng Telefonsnummer soen oder froen an notéieren
- (S)eng Adress soen oder froen an notéieren
- Vu senger noer Famill schwätzen (Froe stellen, reagéieren)
- De Gebuertsdag an den Alter soen oder duerno froen an dat notéieren
- Iwwer d'Familljesituatioun schwätzen (Froe stellen an äntweren)

A Méiglech Situatiounen

Op enger Administratioun seng Telefonsnummer an Adress hannerloossen.	(MA/HV)
Engem Aarbechskolleg seng Privatnummer matdeelen.	(MA/HV)
Op enger Party engem Invité soen, wéi grouss seng Famill ass.	(MA/HV)
Formulaire ausfëllen (z.B. fir e Concours am Supermarché oder eng Bestellung per Flyer).	(SA/LV)
Engem Bréiffreënd eng Kaart oder E-Mail schreiwen.	(SA/LV)
Engem Aarbechskolleg seng Visitekaart verstoen an eng eegen opsetzen.	(SA/LV)

B Lexique

Zuelen vun 1-100

Joreszuelen:

nonzénghonnert...

Déi no Famill

Den Zivilstand:

bestuet, gescheet, getrennt, Jonggesell (...)

Méint, Deeg

Ordnungszuelen (Datum)

C Grammaire

Possessivartikel :

mäin – meng, däin – deng, säin – seng (Adress, Telefonsnummer)

Är – Ären (Deklinatioun net thematiséieren)

Onregelméisseg Verb: *hunn* (...)

Regelméisseg Verben am Present:

wunnen, (liewen...)

W-Froen :

Wou ... ? Wéi ass deng Adress? Wéi al...? Wéini ...? Wéi laang...? (...)

Präpositiounen:

an/zu (op/um)

D Textzorten

⁶ cf. *lignes directrices lux*. A1.1 S. 2, 3, 5, 7, 8

4. Léierzil : Op eng ganz einfach Manéier eng Persoun oder eng Saach beschreiwen ⁷

- No Saachen aus dem aldeeglechen Ëmfeld froen a se benennen oder beschreiwen
Froen/ soen, wat eppes ass •
Froen/ soen, wéi een oder eppes ass
- No Saachen oder Persoune froen: froen, wéi een oder eppes ass
- D'Quantitéite soen, derno froen an drop reagéieren
- Iwwert d'Wieder schwätzen

A Méiglech Situatiounen

D'Saachen an d'Persounen an der Klass kuerz an einfach beschreiwen.	(MA/HV)
Erzielen, wat een huet oder net huet, wat ee brauch, a wat een net brauch.	(MA/HV)
An engem perséinleche Gespréich kuerz de Partner beschreiwen.	(MA/HV)
Mat einfache Sätz beschreiwen, wou a wéi ee wunnt.	(MA/HV/SA/LV)
D'Meteo op der Télee mat Hëllef vu Biller verstoen.	(HV)
Eng einfach Kaart aus der Vakanz schreiwen.	(SA)

B Lexique

Saachen, z.B. elementar Miwwelen, Material am Kllassesall
Basisvocabulaire Kleeder
Elementar Kierperdeeler fir d'Persounebeschreiwung (blond Hoer, blo Aen, ...)
Saachen aus dem aldeegleche Gebrauch benennen:
Wat hutt Dir? Wat braucht Dir? Wat hutt Dir all Dag bei Iech?
Adjektiven a Verbindung mam Verb *sinn* (prädikativ):
*Hien ass grouss. Si ass sympatesch.*⁸
Contrairen: *grouss –kleng, schéin- ellen, al –jonk, al –nei, (...)*
Faarwen
Wieder a Joreszäiten :
reenen, Wolleken, Sonn (...)

C Grammaire

W-Froen:
Wat ass...? Wéi ass ...? Wat fir eng Faarf...? Wivill/ Wéi vill/...?
Adverb:
ganz, immens
Onbestëmmte Quantitéiten:
e bëssen, vill, net vill
Genre vun de Substantiven: M, F, N
Bestëmmt an onbestëmmt Artikelen
Negatioun:
een - keen,
eng - keng

⁷ cf. *lignes directrices lux*. A1.1 S. 2, 5, 6

⁸ Op dëser Plaz gëtt d'Deklinatioun vum Adjektiv nach net gemaach, d'Adjektiver ginn hei als "Lexique" agefouert, net als Grammaire.

Pronome fir Saachen (net fir Persounen) fakultativ:

en – se - et

Pluralformen

D Textzorten

Beschreibung, Bréif, Notiz, Kaart, Plakat, Katalog, Annonce

A1.2

- 5) **Op eng ganz einfach Manéier iwwer säi Beruff a säin Alldag schwätzen**
- 6) **Op eng ganz einfach Manéier vu senger Fräizäit a sengen Aktivitéite schwätzen**
- 7) **Op eng ganz einfach Manéier e Wonsch ausdrécken an no Informatiounen froen**
- 8) **Op eng ganz einfach Manéier sech anzwuersch erëmfannen**

5. Léierzil : Op eng ganz einfach Manéier iwwer säi Beruff a säin Alldag schwätzen⁹

- Säi Beruff nennen an duerno froen
- Elementar Aktivitéiten am Kontext vun de Beruffer nennen a verstoen
- Säin Dagesoflaf kuerz beschreiwen
- Soen, wou ee schafft, d'Fro stellen a beäntweren
- Soen, wéini een ufänkt/ophält ze schaffen, d'Fro stellen a beäntweren

A Méiglech Situatiounen

Sech an engem Gespréich an der Klass virstellen.	(MA/HV)
Mat Frënn iwwer säin Aarbechtsdag schwätzen oder schreiwen.	(MA/HV/LV/SA)
Engem Bekannte soen, wou ee schafft, a wat een do mécht.	(MA/HV)
An enger Annonce Informatiounen iwwert de Beruff vun enger Persoun verstoen.	(LV)
Am Cours säin Alldag erzielen.	(MA/HV)
Mat Frënn iwwer säin Aarbechtsdag schwätzen.	(MA/HV)

B Lexique

Wuertfeld Aarbecht:
déi heefegst Beruffer an déi vun de Schüler (männl. a weibl. Form)

Aarbechtsplaz
Transportmëttel
Wochendeeg a Méint
Auerzäiten (voll Stonn)

Elementar Zäitadverben:
elo, haut, muer

Elementar Heefegkeetsausdréck:
all Dag, heiansdo, ...

C Grammaire

Null-Artikel:
Ech si Bäcker.

W-Froe mat *wat* a *wou*:
Wat sidd Dir/ bass du vu Beruff? Wat schaffts du?
Wou ...?

Elementar Aktivitéitsverben:
opstoen, Kaffi drénken, zu Mëtteg iessen, goen, fortfuere, heemkommen ...
schaffen, preparéieren, hëllef, botzen, schneiden, flécken, zerwéieren, fuere, goen (...).

Onregelméisseg Verben:
2. an 3. Persoun Sing.: *du fiers, hie fiert, du gees, ...*

Trennbar Verben:
opstoen, ufänken, ophalen, ...

Präpositiounen:

⁹ cf. *lignes directrices lux.* A1.2 S. 2, 3, 4, 5, 6, 7, 8

vun, bis, um (am Zesammenhang mat der Auerzäit)

am August

mat (am Zesammenhang mat Transportmëttelen)

an, op, bei + Dativ, wann een eng Positioun beschreift

Wiesselpräpositiounen : Fakultativ, dat hänkt vum Programm a vun der Stärkt vun der Klass of.

vgl. Léierzil 6: Fräizäit an Aktivitéiten: *wuer? – an d'Schoul, ...*

D Textzorten

Gespréich, Virstellung, Bréif, Zeitungsartikel

6. Léierzil : Op eng ganz einfach Manéier vu senger Fräizäit a sengen Aktivitéiten erzielen ¹⁰

- Fräizäitaktivitéite kuerz beschreiwen
- Soen/froen, wat een a senger Fräizäit mécht an drop reagéieren
- Soen/froen, wéini, wéi dacks, wéi gär, wou, mat wem een eppes mécht an drop reagéieren
- E Rendezvous ausmaachen

A Méiglech Situatiounen

Am Gespréich mat Frënn iwver Hobbien diskutéieren.	(MA/HV)
Engem Kolleg eng kuerz E-Mail iwver seng Aktivitéiten oder seng Hobbien schreiwen.	(LV/SA)
Engem Bréiffreënd en einfachen Text iwver sech selwer schreiwen.	(LV/SA)
Enger Kollegin soen, wat een nom Cours mécht.	(MA/HV)
An engem Programmheft verstoen, wéini a wou eng Manifestatioun ass.	(LV)
E Rendezvous mat Kollege plangen.	(MA/HV)
En Aarbechtskolleg mat enger kuerzer Notiz ëm e Rendezvous froen.	(LV/SA)
E Rendezvous änneren.	(LV/HV/MA/SA)
E Wocheplang mat Deeg, Datumen, Zäiten an Aktivitéiten fir sech selwer schreiwen.	(SA)
An engem Interview (Toundokument) den Hobby vun enger Persoun verstoen.	(HV)

B Lexique

Alldeeglech Fräizäitaktivitéiten, Hobbien a Sport:
*spadséiere goen, danzen, ... spillen, lafen, liesen, Tëlee kucken, Musek lauschteren, ...*¹¹

Zuelen
Auerzäiten

Elementar Heefegkeetsadverben oder –ausdréck ergänzen:
heiansdo, oft, dacks, all Dag, ëmmer, ni, (...)

gär am Zesammenhang mat e puer vun den heefegste Fräizäitaktivitéiten:
gär, net gär, guer net gär, ganz gär

C Grammaire

Inversioun mat Zäitausdréck:
Haut gi mir an d'Stad.

Sazbau: Adverb nom Verb
Ech danze gär. Ech liese vill. Hie leeft séier. ...

D'Modalverb *kënnen*

W-Froen:
wéini, wéi oft, wéi laang....?
wou?

¹⁰ cf. *lignes directrices lux.* A1.2 S. 2, 3, 4, 5, 6, 7, 8

¹¹ Eventuell als Lexique, wann de Progrès vun der Klass et zouléisst:
mat mengem Mann
mat menger Fra

Widderhuelung vum Dativ mat enger Positioun (mam bestëmmten a mam onbestëmmten Artikel)
Wiesselpräpositiounen (Positioun, Direktioun)
wuer? wouhinner?

D Textzorten

Programmheft (Manifestatiounen), Agenda, Interview, Ëmfro, E-Mail, Notiz, Telefongespréich

7. Léierzil : Op eng ganz einfach Manéier e Wonsch ausdrécken an no Informatiounen froen¹²

- En Akafsgespréich féieren
- Soen/froen, wat ee gär hätt an positiv oder negativ reaéieren
- No aldeegleche Saache froen an op esou Froe reagéieren
- Héiflech froen, offréieren, akzeptéieren a refuséieren
- Froen, fir eppes ze widderholl ze kréien, wann eppes net kloer ass
- Informatiounen froen a verstoen

A Méiglech Situatiounen

Beim Akafen d'Präisser an d'Quantitéite soen, froen a verstoen.	(MA/HV)
Um Maart Uebst a Geméis akafen.	(MA/HV)
Mat Bekannten iwwer seng Akafsgewunnechte schwätzen.	(MA/HV)
Am Cours iwwer seng Iessgewunnechten erzielen.	(MA/HV)
En Dësch reservéieren an eng Commande am Restaurant maachen.	(MA/HV)
No den Éffnungszäite vun engem Buttek froen.	(MA/HV)
Am Cours bei engem Kolleg e Bic léinen oder beim Proff eng Fotokopie froen.	(MA/HV)
Am Cours de Proff oder en anere Schüler froen, wann een eppes net verstan huet.	(MA/HV)
An der Kantin den Aarbechtskollege soen, wat ee gär ässt.	(MA/HV)
Am Restaurant oder an engem Café eppes bestellen.	(MA/HV)
Am Guichet/ um Informatiounsschalter no den Horairë froen an e Billjee kafen.	(MA/HV)
Renseignement iwwert d'Horairë vum Cours froen a verstoen.	(MA/HV)
Duerchsoen am Supermarché verstoen.	(HV)
Kleng Annoncen a Flyere verstoen.	
(z.B. Am Duerf mécht en neie Restaurant op, Invitatioun op en Duerffest)	(LV)

B Lexique

Liewensmëttel a Gedrénks

Liewensmëttelgeschäfte

Quantitéiten:

Kilo, Pond, Liter, Gramm (...)

Verpackungen

Zuelen (Wh)

opmaachen, zoumaachen,

Ausdréck fir e Wonsch auszudrécken an Héiflechkeetsformelen:

ech hätt gär...

gitt mir w.e.g.(Imperativ net explizit)

kann ech....kréien, w.e.g.?

villmools merci; et ass näischt; gär geschitt (...).

Kleng Menuskaart am Restaurant / am Café

¹² cf. *lignes directrices lux*. A1.2 S. 2, 3, 4, 5, 6, 8

C Grammaire

Héiflechkeetsconditionnel:

ech hätt gär, du ...

Plurielformen (am Kontext)

Negatioun mat *keen* a *keng* widderhuelen

D Textzorten

Reklamm, Menuskaart, Duerchso, Annonce, Flyer,

8. Léierzil : Op eng ganz einfach Manéier sech anzwousch erëmfannen¹³

- Soen/ froen, wou eppes/een ass a reagéieren
- E Wee ganz einfach beschreiwen
- Nom Wee froen an eng ganz einfach Weebeschreibung an enger Stad verstoen

A Méiglech Situatiounen

E Gespréich op der Strooss féieren.	(MA/HV)
Am Buttek froen, wou e Rayon ass .	(MA/HV)
An engem Gebai froen, wou e bestëmmte Büro ass.	(MA/HV)
An engem Gebai wichteg Orientéierungshëllef verstoen.	(HV/LV)
An enger Stad froen, wou e bestëmmt Gebai (e Kino, eng Klinik asw.) ass.	(MA/HV)
An der Receptioun froen, wou d'Kantin oder d'Mediathék ass.	(MA/HV)
Eng einfach Weebeschreibung verstoen/ginn.	(HV/MA)

B Lexique

Ëffentlech Plazen, Gebaier,
Déi wichtegst Zëmmeren an engem Haus, an engem ëffentleche Gebai¹⁴
Kichen, Stuff, Schlofkummer, Kantinn, Büro, Toilette, ... éischten, zweete Stack (...)
Park, Gemeng, Theater, Kierch, Lycée, Schoul, Strooss, Kräizung, Bréck, rout Luucht, Kichen (...)
(Dir) gitt riichtaus, no riets, no lénks, bis, éischt - , zweet no lénks,
Am Supermarché:
Gank, Rayon, Lift, Trap (...)

C Grammaire

Erweiterung vun de Lokalprepositiounen mam Dativ:
niewent, tëschent, vis-a-vis vun ...,
Fakultativ: d'Verbe *goen, huelen, fueren* am Imperativ

D Textzorten

Gespréich; Weebeschreibung; Stadplang

¹³ cf. *lignes directrices lux*. A1.2 S. 2, 3, 4, 5, 6, 7

¹⁴ Hei sollt ee sech op e ganz einfachen, elementaren Niveau beschränken, d'Haus an d'Miwwele ginn op eng einfach Manéier eréischt am Niveau A2 behandelt.

Ofkierzungen

asw.,	a sou weider
best.	bestëmmt (Artikel)
F - w	Femininum/féminin, weiblech
HV	Héierverstoen
LV	Liesverstoen
M - m	Maskulinum/masculin, männlech
MA	Mëndlechen Ausdrock
männl.	männlech
N - n	Neutrum/neutre, neutral
onbest.	onbestëmmt (Artikel)
Pres.	Present
SA	Schrëftlechen Ausdrock
weibl.	weiblech
z.B.	zum Beispill